



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/08/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.

D'ëffentlech Ënnerstëtzung fir d'Familljen ass an de leschte Jore virun allem an d'Infrastruktur gefloss, also an d'Plazen. Familljen, déi bewosst e Modell wielen, bei deem e Partner d'Aarbechtszäit reduzéiert, soulaang d'Kanner kleng sinn, kréien dogéint kaum eng vergläichbar Ënnerstëtzung. Eng éierlech Familljepolitik misst béid Weeër gläichwäerteg behandelen, an d'Meenung vun de Kanner selwer misst dobäi eng Roll spillen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Elteren zu Lëtzebuerg géifen no Ëmfroe gär manner Betreuungsstonnen an dofir méi Zäit mat hire Kanner verbréngen? Existéieren sou Ëmfroen, a wann net, ass d'Regierung bereet, eng ze maachen?
2. Wéi vill congé parental gëtt geholl, opgeschlësselt no Formule, Duerchschnëttsdauer a Verdeelung tëschent Mamm a Papp, a wéi huet sech dat zënter der Reform entwéckelt?
3. Wéi héich sinn d'ëffentlech Ausgabe pro Kand fir institutionell Betreuung am Verglach mat den ëffentlechen Ausgabe pro Kand fir Leeschtungen, déi d'Elterenzäit direkt ënnerstëtzen (congé parental, Elteren- a Familljeleeschtungen)?
4. Ass d'Regierung bereet, d'Walfräiheet finanziell neutral ze stellen, sou datt Elteren, déi hir Kanner deelweis selwer betreien, net systematesch benodeelegt sinn?
5. Wéi eng wëssenschaftlech Erkenntnisser sinn dem Ministère iwwer d'Wuelbefannen, de



Stressniveau an d'Bindungsqualitéit vu ganz jonke Kanner a laangen institutionelle Betreuungszäite bekannt, a wéi fléissen dës an d'Definitioune vun de reglementaresche Standarden an?

6. Goufen d'Kanner selwer jeemools befrot, wéi si hir Betreueungssituatioun erliewen, am Sënn vum Artikel 12 vun der UN-Kannerrechtskonventioun? Wa jo, mat wéi enge Resultater? Wann net, ass d'Regierung bereet, dat zesumme mam OKAJU ze maachen?
7. Wéi bewäert d'Regierung d'Kritik, datt de Rechtsauspruch op Betreueung an der Praxis eng Garantie op eng Plaz ass, mä keng Garantie op Qualitéit?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten





Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an dem Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4675 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

1. Wéi vill Elteren zu Lëtzebuerg géifen no Ëmfroe gär manner Betreuungsstonnen an dofir méi Zäit mat hire Kanner verbréngen? Existéieren esou Ëmfroen, a wann net, ass d'Regierung bereet, eng ze maachen?

Mat der Reform vum Congé parental hunn d'Elteren haut méi Méiglechkeeten, déi éischt Méint a Jore méi no bei hire Kanner ze verbréngen. Eng Konsequenz dovunner ass, datt vill Kanner eréischt méi spéit an d'Crèche kommen.

Et gëtt aktuell keng Ëmfro, déi systematesch erfaasst, wéi vill Elteren zu Lëtzebuerg sech manner Betreuungsstonnen an dofir méi Zäit mat hire Kanner wënschen. D'Regierung ass och net der Meenung, datt et opportun wier, eng spezifesch Ëmfro zu dëser Fro duerchzuféieren.

2. Wéi vill congé parental gëtt geholl, opgeschlëselt no Formule, Duerchschnëttsdauer a Verdeelung tëschent Mamm a Papp, a wéi huet sech dat zënter der Reform entwéckelt?

Op den 31.12.2025 goufen et 13.710 Beneficairë vum Congé parental, dovunner 8.106 Männer a 5.604 Fraen. D'Tableauen hei drënner ginn eng méi genee Opschlësselung vun der Opdeelung vum CP:

a) *Comparaison entre le 1^{er} et le 2^e congé parental - situation au 31 décembre de chaque exercice*

Congé parental	Femmes 1 ^{er} congé	Hommes 1 ^{er} congé	Femmes 2 ^e congé	Hommes 2 ^e congé	Total
2016	3 320	187	237	976	4 720
2017	4 058	327	519	3 347	8 251
2018	4 287	402	588	4 319	9 596
2019	4 364	456	580	4 987	10 387
2020	4 555	486	529	5 316	10 886
2021	4 882	523	568	5 663	11 636
2022	4 907	564	622	6 605	12 698
2023	4 645	615	745	7 188	13 193
2024	4 811	566	814	7 480	13 671
2025	4 729	539	875	7 567	13 710

b) *Comparaison congé parental à plein-temps et à mi-temps - situation au 31 décembre de chaque exercice :*

Année	Femmes Mi-temps	Femmes Pl-temps	Femmes congé fractionné	Hommes Mi-temps	Hommes Pl-temps	Hommes congé fractionné
2016	1 275	2 282		679	484	
2017	1 231	3 064	282	1 334	1 378	962
2018	1 163	3 183	529	1 326	1 366	2 029
2019	1 146	3 223	575	1 331	1 569	2 543
2020	1 092	3 411	581	1 297	1 702	2 803
2021	1 189	3 651	610	1 436	1 796	2 954
2022	1 165	3 746	618	1 574	2 147	3 448
2023	1 088	3 673	629	1 569	2 358	3 876
2024	1 055	3 895	675	1 554	2 359	4 133
2025	1 035	3 891	678	1 604	2 322	4 180

Fir weider Detailer sief op de Rapport d'activité vun der Zukunftskeess verwisen.

3. Wéi héich sinn d'ëffentlech Ausgabe pro Kand fir institutionell Betreuung am Verglach mat den ëffentlechen Ausgabe pro Kand fir Leeschtungen, déi d'Elterenzäit direkt ënnerstëtzen (congé parental, Elteren- a Familljeleeschtungen)?

Am Kader vum Chèque-service accueil (CSA) läit d'ëffentlech Finanzéierung bei 7 € pro Stonn a pro Kand fir d'Betreiung an den SEAen an de Mini-Crèchen. Bei den Dageselteren (Assistants parentaux) läit dese Betrag bei 5,40 € pro Stonn a pro Kand.

Et ass kaum méiglech, eng Berechnung pro Kand ze maachen, well d'Betreiungszäit vu Kand zu Kand staark variéiert.

4. Ass d'Regierung bereet, d'Walfräiheet finanziell neutral ze stellen, sou datt Elteren, déi hir Kanner deelweis selwer betreien, net systematesch benodeelegt sinn?

D'Regierung deelt d'Prämiss vun dëser Ausso net.

D'Entscheidung iwwer d'Form vun der Kannerbetreiung läit bei den Elteren. De Staat bedeelegt sech un der Finanzéierung vun der Kannerbetreiung, ouni dobäi eng bestëmmte Betreuungsform virzeginn.

Änlech verhält et sech beim Pappen- a Mammecongé, déi den Elteren erméiglechen, an enger bestëmmter Phas méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen.

Am Beräich vun der non-formaler Bildung ass et dem Staat säin Opdrag, all Kand den Zougang zu enger qualitativ héichwäerteger Offer ze erméiglechen an domat zu Chancëgläichheet a Bildungsgerechtkeet bäizedroen. Am Mëttelpunkt steet d'Recht vun all Kand op Bildung an Entwécklung an d'Schafe vu gläiche Bildungschancë fir all Kanner.

5. Wéi eng wëssenschaftlech Erkenntnisser sinn dem Ministère iwwer d'Wuelbefannen, de Stressniveau an d'Bindungsqualitéit vu ganz jonke Kanner a laangen institutionelle Betreuungsziite bekannt, a wéi fléissen dës an d'Definitioun vun de reglementaresche Standarden an?

Et ass eng falsch Virstellung, datt Elteren d'Betreiungsstrukturen ze laang oder onnéideg notzen. D'Entscheidung iwwer d'Dauer an d'Form vun der Kannerbetreiung ass eng individuell Familljenentscheidung, déi vun de jeeweilege familiären a berufleche Situatiounen ofhänkt.

Am Mee 2026 goufe jonk Kanner am Duerchschnëtt 33 Stonne pro Woch an den SEAE betreit; déi schoufflichteg Kanner goufen an de Schoulwochen am Duerchschnëtt 16 Stonne pro Woch betreit, an an de Vakanzewochen 32 Stonnen.

Den Undeel vun de ganz jonke Kanner ënner 1 Joer, déi vum CSA profitéieren, ass däitlech méi niddreg wéi bei deenen aneren Altersgruppen: 20 %. Duerno klëmmt en op 71 % bei de Kanner vun 1 Joer an erreecht säin Héichpunkt bei 82 % bei de Kanner vun 2 Joer.

Déi wëssenschaftlech Erkenntnisser weisen, datt eng qualitativ héichwäerteg fréikandlech Bildung a Betreung e positiven Afloss op d'Entwécklung vun de Kanner an hir zukünfteg Bildungschancë kann hunn. Och eng LUCET-Studie (2023) ënnersträicht d'Bedeutung vun der fréikandlecher Bildung fir déi weider Entwécklung an d'Zukunftschancë vun de Kanner.

D'fréikandlech Bildung a Betreung ass domat e wichtege Hiewel fir eng positiv Entwécklung vun de Kanner. Dës Approche entsprécht och den Erkenntnisser vun der OECD am Kader vum *Starting Strong*, déi d'Bedeutung vu qualitativ héichwäerteg Bildungs- a Betreuungsangebote fir déi fréi Entwécklung vun de Kanner ervirhieft.

Dës Erkenntnisser fléissen an d'Qualitéitsuufuerderungen an déi reglementaresch Standarden am Beräich vun der non-formaler Bildung a Betreung an. Am Mëttelpunkt stinn dobäi d'Wuelbefannen an d'Entwécklung vum Kand, e qualitativ héichwäerteg pedagogesch Ëmfeld an d'Schafe vu méiglechst gudde Bildungschancë fir all Kand.

Och d'Betreungsverhältnis tëscht Kanner a Personal ass an deem Kontext e wichtege strukturelle Qualitéitsfaktor. Eng méi kleng Unzuel u Kanner pro Fachpersoun verbessert d'Méiglechkeeten, individuell op d'Kanner anzegoen, qualitativ héichwäerteg Interaktiounen ze erméiglechen a stabil Bezéiungen opzebauen. Dofir ass d'Verbesserung vum Betreuungsverhältnis eng vun de Qualitéitsmesuren, déi am Kader vum Gesetzesprojet Nr. 8686 virgesi sinn. Besonnesch bei deene jéngste Kanner sollen domat d'Konditiounen fir eng individualiséiert a qualitativ héichwäerteg Bildung a Betreung weider verbessert ginn.

6. Goufen d'Kanner selwer jeemools befrot, wéi si hir Betreungssituatioun erliewen, am Sënn vum Artikel 12 vun der UN-Kannerrechtskonventioun? Wa jo, mat wéi enge Resultater? Wann net, ass d'Regierung bereet, dat zesumme mam OKAJU ze maachen?

D'Perspektiv vun de Kanner ass e wesentlecht Element vun der Qualitéitsentwécklung an der non-formaler Bildung.

Mam éischten nationale Kannerbericht vun 2022 huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend eng wichteg wëssenschaftlech Grondlag geschaf, fir d'Perspektiv vun de Kanner systematesch an d'Politikgestaltung anzebezéien. De Rapport iwwer d'Wuelbefanne vun de Kanner zu Lëtzebuerg baséiert ënner anerem op enger qualitativ-explorativer Feldstudie iwwer d'Partizipatioun an d'Inklusioun vu Kanner am Alldag vun de Strukture vun der non-formaler Bildung. Zousätzlech gouf eng representativ quantitativ Befroung vu Kanner vun 8, 10 an 12 Joer zu hirer Liewenssituatioun an hirem subjektive Wuelbefannen duerchgefouert.

D'Resultater vun der Enquête weisen, datt d'Wuelbefanne vun de Kanner zu Lëtzebuerg insgesamt héich ass. Fir d'Kanner, déi eng Struktur vun der non-formaler Bildung besichen, weist d'Enquête och eng insgesamt positiv Perceptioun vum Alldag an den SEAen.

Ronn dräi Véierel vun de Kanner ginn un, datt si am SEA gutt Momenter erliewen an d'Aktivitéiten dobannen gäre hunn; bei den Aktivitéiten dobaussen leien d'Zoustëmmungswärter esouguer tëscht 81 % an 90 %, jee no Altersgrupp.

D'Resultater weisen ënner anerem, datt d'Zefriddenheet mat der non-formaler Bildung zum subjektive Wuelbefanne vun de Kanner bäidréit.

D'Bedelegung vun de Kanner ass och en zentrale Prinzip vum nationale Referenzkader vun der non-formaler Bildung. D'Kanner sollen d'Méiglechkeet kréien, hir Meenung auszedecklen an hiren Alldag an de Strukturen aktiv matzestalten.

Doriwwer eraus gi mat Formater wéi *Meng Stëmm am SEA* (e Consultatiounsatelier mat de Kanner) konkret Méiglechkeete geschaf, fir d'Erfarungen, d'Meenungen an d'Virschléi vun de Kanner zu hirem Alldag an de Strukturen sichtbar ze maachen an an d'Qualitéitsentwécklung anzebeziehen.

D'Regierung wäert d'Partizipatioun vun de Kanner och an Zukunft weider fërderen an d'Méiglechkeete stäerken, fir hir Perspektiven an d'Entwécklung vun der non-formaler Bildung anzebeziehen.

7. Wéi bewäert d'Regierung d'Kritik, datt de Rechtsuspruch op Betreierung an der Praxis eng Garantie op eng Plaz ass, mä keng Garantie op Qualitéit?

D'Regierung deelt dës Opfaassung net.

Den Ausbau vum Zougang zur non-formaler Bildung a Betreierung ass vun Ufank u mat verbindleche Qualitéitsufuerderunge verbonnen. Dës Ufuerderunge sinn an de gesetzlechen a reglementaresche Bestëmmunge verankert, esou datt d'Kanner net nëmmen e Recht op eng Betreuungsplaz, mee och e Recht op eng qualitativ héichwäerteg Bildung a Betreierung hunn.

All SEA muss déi gesetzlech a reglementaresch Voraussetzunge fir säin Agreement erfëllen. Doriwwer eraus besteet e spezifesch Qualitéitsdispositiv am Beräich vun der non-formaler Bildung, deem ënner anerem op dem nationale Referenzkader, de pedagogesche Konzepter, der Dokumentatioun vun der pedagogescher Praxis, der Weiterbildung vum Personal an der systematescher Begleedung an Iwwerpräiwung vun der Qualitéit berout. Dësse Qualitéitskader gëtt kontinuierlech weiderentwéckelt. Am Kader vum Gesetzesprojet Nr. 8686 si weider Mesurë virgesinn, fir d'Qualitéit vun der Bildung a Betreierung ze stäerken, dorënner notament eng Verbesserung vum Betreuungsverhältnis an d'Afëierung vun engem Schutzkonzept fir Kanner.

Den Zougang zu enger Betreuungsplaz an d'Qualitéit vun der Betreierung sinn deemno keng Géigesätz. D'Zil ass et, den Zougang zur non-formaler Bildung auszebauen an dësen Ausbau konsequent mat verbindleche Qualitéitsstandarden an enger kontinuierlecher Qualitéitsentwécklung ze verbonnen.

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH